29, rue de Vianden
L-2680 LUXEMBOURG
Tél.: (00352) 44 40 33-1 - Fax: (00352) 45 83 49
S-24222/20/Sch/f

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2020

# *Pressekonferenz*
# *Kärmessagen*

Mier wollten d'Gelegenheet vun der kommender Regierungsëmbildung notzen, fir en Tëschebilan um Niveau vun der Gesondheets- and Sozialversëcherungspolitik ze zéien. Dëse Schrëtt ass noutwendeg, well Villes am leschten Joer eben NET geschitt ass, an elo och nach an der lafender Legislaturperiod de Gesondheetsminister sech geschwënn zeréckzitt.

Mir wëllen hei aus eiser Siicht nach emol op eng Réi Urgencen hiweisen.

Ufank 2019 huet den Minister Etienne Schneider ugekënnegt, eng gesetzlech Léisung fir d'Problematik vun den IRM'en an aneren Maschinnen an Dokteschpraxen wëllen ze fannen. Déi rezent Urteeler, souwuel vum Verfassungsgeriicht wéi vum Verwaltungsgeriicht, ënnersträichen d'Noutwendegkeet vun dëser Demarche.Den gesetzlechen an reglementairen Kader vun haut ass verfassungswiddreg an muss deementspriechend geännert ginn. An dëst méiglechst séier!

Mee et gëtt och medezinesch Grënn, des plangwirtschaftlech Approche ze iwwerdenken.

**D'AMMD huet e Konzept vun ambulanter Medezin virgeluecht, dat de solidaresche Modell net a Fro stellt, gläichzäiteg den Zougang vun de Patienten verbessert, d'Zesummenaarbecht vun den Dokteren stäerkt, den Zesummenhalt tëschent ambulanter Medezin an Spidolsmedezin net op d'Spill setzt an dobäi och nach fortschrëttlech Medezin fördert.**

Mier sinn am Moment an enger konstruktiver Zesummenaarbecht mam Gesondheetsministère an den aneren Acteuren vum Terrain. Do gëtt et leider keen Duerchbroch, mee mir bleiwen virsiichteg optimistesch. De Ministère muss hei Verantwortung iwwerhuelen.

D'Medezin vun haut kéint zu engem groussen Deel schonn ambulant sinn. Sie kann an däerf net méi an bürokrateschen, duerch plangwirtschaftlech Budgeten finanzéierten Spideeler agespaart sinn.

Genau dowéinst waarden Patienten jo ëmmer méi laang ob hier Rendezvous-'en. Mier brauchen, an Kollaboratioun mat den Spidolsakteuren, en neien Secteur ausserhalb vun den Spideeler, an deem déi spezialiséiert ambulant Medezin kann ugebueden ginn, dezentral, mat enger besserer Offer an mat besserem Accès fir d'Patienten.

Ergänzt ginn soll dësen System mat engem Reseau vun **Cabinets de groupe** vun der Allgemengmedezin, déi als éischt Ulafstell fir d'Patienten d'Réckgrat vun der Gesondheetsversuergung duerstellen an eng Schlësselroll an der Preventioun kennen spillen.

De Gesondheetssystem ass krank, well en onflexibel an fortschrëttfeindlech ass.

D'AMMD well e solidaresche System, deen gudden Accès zu der beschter Medezin vir d'Leit bitt. Dofir mussen elo endlech déi néideg politesch Reformen ëmgesat ginn.

Am Mee 2018 huet d'AMMD an enger ausseruerdentlecher Generalversammlung decidéiert, net méi un der **Commission de nomenclature** deel ze huelen, aus Protest virun engem System, an deem den medezineschen Fortschrëtt dem Diktat vun der Politik an der Krankekeess ënnerworf ass. Den Conventionnement zesummen mat der Konstruktioun vun dëser Kommissioun a mat hirer Aart a Weis ze funktionéieren, bremsen säit Joren d'Entwécklung vun engem modernen medezineschen Leeschtungskatalog systematesch aus, an dëst mat der Motivatioun, d'Käschtenentwécklung am Gesondheetssystem wëllen ze kontrolléieren. Mir wëllen de Patienten dat bidden kennen, wat se brauchen an wat se kënnen rembourséiert kréien.

Den Minister Romain Schneider huet sech dunn am Mee 2019 selwer dofir agesat, eng Solutioun fir dës Situatioun ze fannen, an huet an zwou gréisseren Ronnen all méiglech Acteuren ronderëm den Dësch versammelt. Als Ausdrock vun guddem Wëllen huet d'AMMD en Kompromëss akzeptéiert, deen um Niveau vun der Funktiounsweis vun der Commission de nomenclature nëmmen en Deel vum Problem léist. D'Verspriechen, en **Gesondheetsdësch** ze kréien, un deem déi sellechen Problemer vun eisem Gesondheetssystem diskutéiert an geléist kennen ginn, huet eis als eng korrekt Kompensatioun geschéngt.

Mier stellen awer fest, datt mer haut niergendswou sinn: säit der Reunioun vum 26. Juni ass näischt geschitt! Iwwert den Gesondheetsdësch gouf laang guer net geschwat, an nëmmen op villfachen Drock vun Säiten vun der AMMD goufen dunn 5 Diskussiounsthemen op der leschter Quadripartite virgestallt. Vun der konkreter Organisatioun goung keng Rieds, mir goufen, fier d'éischt op den Dezember an dunn op den Januar vertréischt, fir d'Aarbechtsgruppen vum Gesondheetsdësch ze organiséieren. Haut ass den 29. Januar 2020, bal op den Dag 7 Méint nom Nomenklaturkompromess, an et ass näischt geschitt!

D'AMMD, déi säit Joren net midd gëtt, fir op d'Problemer vun eisem System hinzeweisen, op Pressekonferenzen, op den Televisiounsplateauen, um Radio, an Zeitungsartikelen an an Analysepabéieren, gëtt vun der Politik, an besonnesch dem Sozialversécherungsministère, higehalen an virgefouert. Mier ënnersträichen hei, datt duerch dësen Ëmgang mat berechtegten Kritiken um System net nëmmen d'Dokterschaft, mee och an virun allem d'Patienten higehalen a virgefouert ginn. Andeems hinnen eng modern Medezin, mat

guddem Zougang ouni Waardezäiten an eng Vereinfachung vun den administrativen Prozesser, virenthalen gëtt.

Mier kennen an wäerten dat net méi akzeptéieren, eisen Message un d'Politik ass: et geet duer!

Datt d'Dokterschaft net nëmmen analyséieren an kritiséieren kann, mee och proaktiv Problemer ugeet an eegen Léisungen entwéckelt, weist net nëmmen eist Konzept vun ambulanter Medezin, mee och d'Beispill vun eiser **Gesondheets-App**. Iwwert des App kënnen sech eng ganz Réi vun administrativen Demarchen staark vir de Patient vereinfachen.

Nieft engem ze vereinfachenden Tiers payant social an engem auszedehnenden Tiers payant volontaire, stéieren sech déi meeschten Leit virun allem um komplizéierten Prozess fir den Remboursement vun hiren Dokteschrechnungen unzefroen, an deem oft laangen Delai.

Hei huet d'AMMD eng flott digital Solutioun presentéiert, déi genau dat maachen kann, wat den Accord de coalition virgesäit, mat där notamment d'Bezuel- an Remboursementsprozedur däitlech vereinfacht ginn an déi ausserdeem en ligne mat der digitaler Strategie vun dëser Regierung ass. An enger inklusiver Demarche, déi mer op dëser Platz scho virgestallt hunn, sinn all d'Acteuren vum System approchéiert ginn, fir als Partner mattzemachen. Amplaz dass den Sozialversécherungsministère awer de Ball opgräift, gëtt de Ball lafen gelooss. Den politeschen Géigewand, deen mer kruten an nach ëmmer kréien, ass gewalteg, an weder ze verstoen nach ze akzeptéieren.

Matt falschen Argumenter, wéi se nach emol an der Äntwert vun der parlamentarescher Fro n° 1480 vum Deputéierten Marc Hansen opgegraff goufen, gëtt hei systematesch versicht, eng convivial Solutioun, déi, virausgesat d'Politik mécht mat, Mëtt vun dësem Joer online kéint goen, an den Eck ze drécken. Eng entspriechend Äntwert vun eiser Séit un d'Chamber an un d'Ministeren hunn mir déi lescht Woch verschéckt.

D'Gesondheets App an den Hänn vum Patient ass e wichtegen Konnektiouns-Tool, fir d'Digitaliséierung an der Gesondheet endlech weiderzedreiwen. Wann een bedenkt, dass den DSP, deen eiser Meenung no op ganz wackeleger legaler Basis steet, kéint mat eiser App ënnerstëtzt ginn, sinn d'Reaktiounen vun der Politik net ze verstoen. Leider goufen och hei d'Argumenter vun der AMMD net gehéiert.

Et ass ënnert deenen Ëmstänn och net virstellbar, datt vill Dokteren vum DSP, oder och der ePrescription an aneren Produiten vun der Agence eSanté wäerten gebrauch maachen.

Hei ënnersträichen mer nach emol: d'Digitaliséierung vum Gesondheetsberäich gëtt et nëmmen mat den Dokteren, ganz sécher net géint si.

D'AMMD kann sech och net virstellen, datt d'Dokteren dëst Spill nach laang gewëllt sinn matzespillen. Mier fuerderen d'Politik, an nach emol, besonnesch am Sozialversécherungsministère, op, hier Attitüd vis-à-vis vum Corps médical grondleeënd ze changéieren. Mier wäerten keng Demarchen an eisem Réck méi toleréieren an sinn bereet, am Interêt vun enger fortschrëttlecher Medezin fir eis Patienten bis zum Äussersten ze goen an dem System eis Kollaboratioun opzekënnegen.

Mier erënneren hei nach emol un d'Étude vun der Madamm Lair iwwert den Zoustand vun der Dokteschdemographie: d'Land kéint méi séier wéi et wëllt déi schmäerzlech Erfarung maachen wat et heescht, net genuch Dokteren méi ze hunn. Mir stinn virun enger richteger Versuergungsmauer!